

Snowboardclub Lëtzebuerg

2013/2014

Issue 03, September 2013



An der Allerhellegenvakanz, vum 26. bis den 31. Oktober fueren mir mam Snowboardclub op den Pitztaler Gletscher. Rees am Luxusbus vun Voyages Schmit, 4 Deeg Snowboardfueren a Wunnen mat Hallefpensioun an der Pension Mittagkogel zu Mandarfen.

Départ: Samsteg den 26. Oktober um 21:00 zu lechternach, Kiermesplatz
an um 21:45 um P&R Luxembourg Sud (Centre Douanier)

Retour: Donnersteg den 31 Oktober sin mir am speiden Nomëtteg nees zu Lëtzebuerg

De Prais fir des Rees as 550€

Prais mat Memberskaart: 575€

Meld dech elo einfach un, zu lechternach am Urbannature beim Kevin oder schreiw eng
E-mail op Snowboardclub@pt.lu

Als definitiv gëllt d'Umeldung ereischt wanns du en Accompte vun 200€ op den Kont vum Snowboardclub
iwerwisen hues. Et sin nëmmen 15 Plätzen frei dofir mach dech bai!

Snowboardclub Lëtzebuerg
Lu25 0141 8239 1510 0000 bei der ING
Code BIC: CELL LULL



Snowboardchampionnat 2014 zu Achenkirch

Lëtzebuenger Landesmeeschterschaften am Snowboardcross
an am Parallelsalom.

Programm

Départ zu Lëtzebuerg

Donnersteg den 23. Januar 2014 geet et fort. Emol um 21:00 zu lechternach op der Kiermesplatz an um 21:45 um P&R Luxembourg Sud. Et geet mat engem Bus vun Voyages Emile Weber bis op Achenkirch.

Logement

Dëst Joer nei as dass mir net mei an der Scholastika wunnen kennen. No denen villen Joeren wou mir lo schons dohin fueren get dëst Gebai ofgerappt an mir hun eis eppes neies gesicht.

Mir wunnen dëst Joer am Almgasthof Huber, enger Pensioun mat Dubelzimmern an Hallefpensioun.

Freideg, 24. Januar

Freides kann jidereen sech mam Schigebiet Christlum zu Achenkirch vertraut machen an esou vill Descenten machen wei en Loscht huet.

Samsdeg, 25. Januar

Den Dag vun den Compétitiounen.

Moies um 10:00 steet den Snowboardcross an 2 Manchen um Programm.

Direkt duerno, um 12:30 as d'Qualifikatioun fir den Parallelsalom. Um 16:00 gett e Patt vun Snowboardclub offereiert.

Den Retour steet dann fir Sonndes um Programm

Lëtzebuenger Landesmeeschterschaften am Snowboard, organiseiert vun der Lëtzebuenger Schifederatioun FLS an dem Snowboardclub Lëtzebuerg. Vum 24. bis den 26. Januar 2014 sin zu Achenkirch an Tirol Landesmeeschterschaften an den Disziplinen Snowboardcross an am Parallelsalom. Rees am Bus, Iwernuechtung mat Hallefpensioun an 2 Deeg Schipass, dat as den Package den mir dier dest Joer nees ubidden. Fir matzemachen brauchts du just eng Lizenz bei der FLS an schon bas du dobai!

Wei kris du esou eng Lizenz? Ma ganz einfach, du brauchts just emol an den Medico Sportif ze goen an en medezineschen Check ze machen a schon bas du dobai! Fro dir **elo direkt** en Rendez-Vous um Tel. 621 507 575 fir den Medico sportif.

Du gees nach an d'Schoul? Keen Problem, mir machen eng Demande bei denger Directioun an da gess du Freides während dem Championnat vun der Schoul fraigestallt.

Also mach mat a mell dech direkt un um Tel. 621 507 575 beim Tom oder um 621 165 466 beim Alain oder per E-mail op Snowboardclub@pt.lu a schon kanns du zu Achenkirch e super Weekend erliewen an dech mat dengen Frenn a Konkurrenten moossen.

Prais fir d'Championnat ouni Memberskaart: 255€



Memberskaarten 2013/2014

D'Memberskaarten fir dei nai Saison sin dann och nees eraus. Sie kaschten wei gewinnt 25€ pro Nues an Briet.

Wells du fir eng weider Saison aktiven Member vum Snowboardclub Lëtzebuerg sin an eis ënnerstëtzen? Dann kanns du den Montant vun 25€ mat der Mentioun "Memberskaart 2013/2014" op de Kont vum **Snowboardclub Lëtzebuerg** iwerweisen:

Lu25 0141 8239 1510 0000 bei der ING
Code BIC: CELL LULL




Snowboardclub Lëtzebuerg asbl.

17, rue des vergers
L-6488 Echternach
Tel. +352 621 507 575

Snowboardclub@pt.lu

<https://www.facebook.com/snowboardclub.letzebuerg>



Lu25 0141 8239 1510 0000 bei der ING
Code BIC: CELL LULL

